



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Wéi e.a. aus dem Rapport zur Impfflicht ervirgeet, rechnen d'Experten am Hierscht mat enger neier Well vu Corona-Infektiounen. Wann et nees zu méi Infektioune kënnt, muss och nees méi getest ginn. An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Ass d'Regierung beim Testing fir de Fall preparéiert, wou d'Zuel vun den Infektiounen am Hierscht nees däitlech klëmmt?
 - Wa jo, wéi gesäit des Test-Strategie genee aus?
- Ass garantéiert, dat an deem Fall genuch PCR- respektiv Schnelltester zur Verfügung stinn?
 - Wa jo, wéi grouss ass de Stock?
- Ginn d'Test-Zenteren nees opgemaach, a wa jo wéi vill?
- Ass garantéiert, dat an den Testzentren an an de Laboratoiren genuch Personal zur Verfügung, wann den Testing nees muss eropgefuer ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6472 vum 12. Juli 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen

Ass d'Regierung beim Testing fir de Fall préparéiert, wou d'Zuel vun den Infektiounen am Hierscht nees däitlech klëmmt? Wa jo, wéi gesäit des Test-Strategie genee aus?

D'Regierung préparéiert sech op verschidden Scénarie, sou wei et och déi verschidden international Organisatiounen wei ECDC an WHO virgesinn. En Fonctioun vun enger eventueller nächster Well, kann een soumat méi schnell an méi adaptéiert reagéieren. Bleift och am Hierscht weiderhin den Omicron BA5 dominant, muss eventuell net méi vill gemaach ginn. Kennt awer eng nei Variant am Hierscht op eis zou déi méi ustiechend an och méi krank mécht, wäerten zousätzlech Mesuren mussen geholl ginn. Strategiesooptionen ëmfassen soumat :

- Antigen Tester: Een groussen Deel vun der Test-Strategie berout op den wäit verbreedten Autotester. Jiddereen soll sech selwer testen wann hien Symptomer huet.
- Antigen Tester: Antigen Tester kommen och an verschiddenen Strukturen (Kliniken, Altersheimer,...) an den Asaz an d'Kapazitéit kann do erop gefuer ginn. Eng Reserve vun 1 Millioun Tester ass zu all Moment geséichert déi een flexibel asetzen kann wou een se grad brauch.
- Diagnostic PCR Tester (mat oder ouni Ordonnance) ginn vun den dräi privaten Laboratoire an dem LNS garantéiert. D'Kapazitéit kann erop gefuer ginn wann méi PCR Tester gebraucht ginn.
- Tester an den Schoulen: Antigen Tester sinn an den Schoulen virgesinn an kennen zu all Moment an den Asaz kommen wann et d'Situatioun vun der Pandemie verlaangt.
- Altersheemer, Kliniken an aner Strukturen: Antigen Tester sinn hei virgesinn an d'Kapazitéit kann hei och erop gefuer ginn. Donieft sinn och mobil Équippen fir des Strukturen virgesinn déi PCR Tester maachen kennen.
- Altersheemer: Antikierper Tester (sérologie) ginn am Hierscht an den Altersheemer gemaach. Déi Tester erlaben eng Vue op den Taux vun den Antikierper an soumat eng gewëssen Indikatioun op d'Immunitéit vun den Leit.
- Séquencages: Eng Fréierkennung vun enger neier Variant ass wichteg fir sech besser virzebereeden. Dofir sequenzeiert den LNS am Schnëtt 800 Échantillon'en pro Woch fir des Iwwerwaachung ze garantéieren. Dës Kapazitéit kann op 1.500 Echantillon'en pro Woch erop gefuer ginn.

Ass garantéiert, dat an deem Fall genuch PCR- respektiv Schnelltester zur Verfügung stinn?

Am Moment gëtt et keng Pénurie weder bei den PCR, nach bei den Antigen Tester sou dass genuch Tester zur Verfügung stoen missten fir eng Well wei mir se schonn haten ofzefänken.



D'Kapazitéit vun den PCR Tester kann erop gefuer ginn, mee och hei gëtt et eng Limite. Wann déi iwwerschritt ass an een méi Kapazitéiten brauch, kéint een erëm op den Wee vun engem Large Scale Testing goen, virun allem fir d'Logistik an d'Ressourcen besser ze zentraliséieren. Dëst wier allerdéngs nëmmen den Fall en engem « *worst case scenario* » mat enger neier Variant déi méi ustiechend ass an méi krank mécht, wou och nach aner Mesuren geholl mussen ginn.

Doniewent gëtt et een nationalen Stock vun Antigen Tester déi en Déploiement vun der Test-Strategie erlabt.

Wa jo, wéi grouss ass de Stock?

Eng Ronn 3 Milliounen Antigen Tester sinn aktuell op Stock. Well d'Antigen Tester nach ëmmer an den Asaz kommen, ginn et och nach weider Bestellungen.

Ginn d'Test-Zenteren nees opgemaach, a wa jo wéi vill?

Wann Situatioun et verlaangt kënnen verschidden Testzentren vun den dräi privat Laboratoiren an dem LNS erëm opgemaach ginn. Fir weider Testzentren wei am Large Scale Testing op ze maachen an d'Logistik ze garantéieren, misst een erëm op den Wee vun engem Large Scale Testing Projet goen.

Ass garantéiert, dat an den Testzentren an an de Laboratoiren genuch Personal zur Verfügung, wann den Testing nees muss eropgefuer ginn

D'Laboratoiren bereeden sech op den Hierscht vir, wou een mat méi Infektiounen rechent. D'Réserve Sanitaire vum Staat hëlleft och zousätzlech Leit bereet ze stellen, oder ze vermëttelen sou dass zousätzlech Kapazitéiten geschaaft kënnen ginn wann dat néideg ass.

Lëtzebuerg, den 16. August 2022

D'Gesondheitsminitesch
(s.) Paulette Lenert